N°2773
Entrée le 24.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°2773 vum 12. August 2025 vum éierbaren Deputéierten Tom Weidig**

1) **Wéi vill e privaten Elektroauto de Staat duerchschnëttlech kascht?**

2) **Wéi vill en elektresche Firmewon de Staat duerchschnëttlech kascht?**

3) **Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem privaten Elektroauto erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?**

4) **Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem elektresche Firmewon erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?**

5) **Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem privaten Auto mat Verbrennungsmotor erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?**

**Fro 1**

Duerchschnëttleche Montant an Euro deen un eng Personne physique am Kader vum "Klimabonus Mobilitéit" Regimm ausbezuelt gouf:

| Année | Camionnette électrique pure | Voiture électrique pure | Voiture hybride rechargeable |
|---|---|---|---|
| **2023** | 8 000.00 | 7 615.24 | 2 079.55 |
| **2024** | 8 000.00 | 7 675.27 | 1 875.00 |
| **2025** | 8 000.00 | 7 297.72 | – |

**Fro 2**

Duerchschnëttleche Montant an Euro deen un eng Personne morale am Kader vum "Klimabonus Mobilitéit" Regimm ausbezuelt gouf:

| Année | Camionnette électrique pure | Voiture électrique pure | Voiture hybride rechargeable |
|---|---|---|---|
| **2023** | 7 680.00 | 7 270.01 | 2 083.61 |
| **2024** | 7 973.57 | 7 486.87 | 2 004.09 |
| **2025** | 8 000.00 | 7 590.16 | 2 115.38 |

Froen 3 bis 5

Allgemeng kann ee soen, dass d'Douane am Joer 2023 Einnamen an Héicht vun 68,7 Milliounen Euro iwwer déi sougenannten Autossteier (*taxe sur les véhicules automoteurs*) erhuewen huet. Dovunner si 27,8 Milliounen Euro op d'Firmen a 40,9 Milliounen Euro op Privatstéit entfal.

Fir d'Joer 2024 goufen 68,8 Milliounen Euro där Taxen erhuewen. Dovunner sinn 22,8 Milliounen Euro op d'Firmen an 46 Milliounen op d'Privatstéit entfal.

Um Niveau vun den direkte Steiere gëtt ee Firmewon, deen een Employé och privat notzt, als "Avantage en nature" besteiert. Dësen Avantage gëtt zënter 2025 mat 0,5% um Neipräis gerechent fir elektresch Ween mat engem Verbrauch vu manner wéi 18kWh/100 km. En Taux vun 0,6% gëtt applizéiert fir elektresch Ween mat engem Verbrauch vu méi wéi 18kWh/100 km. Fir hybrid Autoen oder Autoe mat engem Verbrennungsmotor beleeft sech dësen Taux op 2% zënter dësem Joer.

Allerdéngs gëtt dësen Avantage selte sonner an den "Extraits de compte salaire ou pension" (ECSP) ausgewise, mee bei de Brutto-Salaire vum Steierzueler dobäi gerechent an och als Salaire besteiert. An dësem Fall gëtt eng global Retenue fälleg fir den Deel Salaire a fir den Deel "Avantage en nature".

Bei deene Fäll wou deen Avantage nach géif vum Patron separat ausgewise ginn, kann een un Hand vun dësen Informatiounen awer net feststellen ëm wat fir eng Zort Auto et sech handelt. Weder den applizéierten Taux, nach de Präis vum Auto op deen dësen Taux ugewant gëtt, gëtt matgedeelt, sou dass eng Opspléckung tëscht Auto mat elektreschem an engem Auto mat Verbrennungsmotor net méiglech ass.

Eng Vergläichbarkeet tëscht Elektroween an Autoe mat Verbrennungsmotor ass generell schwéier, well beim Elektroauto de Verbrauch den Haaptkrittär duerstellt, wärend et beim Verbrenner den CO2-Ausstouss ass.

Aner Steieren, déi sech op de konkrete Verbrauch vun de Gefierer bezéien, ginn hei net opgefouert (z.B. d'CO2-Steier an aner Akzisen).

Lëtzebuerg, de 24. September 2025

De Finanzminister
(s.) Gilles Roth